N°2007
Entrée le 25.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2007 vum 4. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. *Wéi vill Plaintë sinn zënter 2019, opgelescht pro Joer, beim Collège médical agaangen?*

D'Äntwert op dës Fro fënnt een an den Aktivitéitsberichter vum Collège médical déi op senger Websäit[1] veräffentlecht sinn.

De follgenden Tableau weist d'Statistiken.

| **Litiges, plaintes diverses :** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Médecin c/ médecin respectivement pharmacien c/pharmacien | 2 | 2 | 5 | 7 | 3 | 2 |
| Patient c/médecin respectivement établissement public c/ médecin | 41 | 63 | 93 | 95 | 115 | 145 |
| Médecin c/ patient | 0 | 2 | 1 | 1 | 1 | 0 |
| Patient respectivement médecin c/ établissement public | 1 | 0 | 5 | 3 | 5 | 3 |
| Litiges en relation avec la dissolution d'associations | 1 | 5 | 3 | 4 | 5 | 9 |
| Divers (certificats de complaisance…) | 24 | 18 | 22 | 16 | 20 | 55 |
| **TOTAL :** | **69** | **90** | **129** | **126** | **149** | **214** |

2. *Wéi vill Enquêten huet de Collège médical zënter 2019, opgeläscht pro Joer, realiséiert?*

De Collège médical mécht selwer keng Enquêten. Allerdéngs kann hie beim Parquet oder bei der Gesondheetsdirektioun eng Enquête ufroen am Kader vun de Plainten déi eragereecht goufen.

3. *Wéi vill Mol goufen zënter 2019, opgeläscht pro Joer, Sanktioune vum Collège médical decidéiert?*

De Collège médical huet keng Kompetenzen am Beräich vun de Sanktiounen. D'Initiative vu Sanktioune fält an d'Zoustännegkeet vum Conseil de discipline.

[1] Collège Médical

*4. Mir ass ee Fall zougedroe ginn, wou eng Plainte wärend méi wéi zwee Joer, nodeems se beim Collège médical agaange war, net beäntwert gouf.*

*a. Wéi laang dauert den Traitement vun enger Plainte am Duerchschnëtt?*

*b. Wat war déi längsten Dauer?*

Am Prinzip probéiert de Collège médical d'Dossieren an enger raisonnabeler Zäit ze beaarbechten, en Fonctioun vun der Disponibilitéit vum Kalenner.

Well d'Memberen all berufflech aktiv sinn, ginn d'Seancen an d'Reunioune vum Bureau exécutif eemol an der Woch ofgehal.

D'Beaarbechtungsdauer vun enger Reklamatioun hänkt vun der Komplexitéit vum Dossier an den disponibele Ressourcen am Collège médical of.

Verschidden Affäre verlaange virun enger Äntwert och e Gespréich mam concernéierte Professionnellen oder mat Drëttpersoune fir Informatiounen ze sammelen déi Kloerheet an den Dossier bréngen.

Ennert anerem kënne follgend Ursaachen den Traitement vun engem Dossier verzögeren:

- De Professionellen huet Lëtzebuerg verlooss an de Collège médical huet d'Adress vu senger neier Aarbechtsplaz net.
- D'accordéiert Zäitspann, an där de Professionellen sech sollt positionéieren, ass net vun him agehale ginn.
- De Professionnellen ass net erreechbar well hie vergiess huet seng nei Adress unzeginn.
- Et leien e puer Plainte géint de Professionelle vir, wat eng separat Beaarbechtung erfuerdert fir e beschtméiglecht Resultat ze garantéieren.
- De Plaignant huet vergiess essentiel Dokumenter eranzereechen am Zesummenhang mat der Beaarbechtung vu senger Klo.
- De Plaignant ass net erreechbar op där Adress, déi dem Collège médical matgedeelt gouf.
- Ufanks war de Patient net gewëllt, datt de Professionellen iwwer seng Klo géif informéiert ginn, huet sech et duerno awer anescht iwwerluecht.
- Et gëtt nach ëmmer op Äntwerte vun den zoustännegen Autoritéite gewaart, déi mat den Ënnersichunge beoptraagt goufen.
- De Fall gouf virun d'Geriicht bruecht an d'Urteel gëtt ofgewaart well et kéint nëtzlech si fir dem Collège médical seng Bewäertung vum disziplinareschen Aspekt.
- Eng aner méiglech Ursaach: Am Beaarbechtungsprozess vun der Reklamatioun ass en Tëschefall opgetrueden, an de Plaignant huet sech net méi oder verspéit gemellt.

Déi längst Beaarbechtungsdauer vun enger Reklamatioun war 5 Joer. An dësem Fall gouf op Resultater vum Parquet a vun der Gesondheetsdirektioun gewaart.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*5. Mir ass ee Fall bekannt, zu deem Collège médical sech net positionnéiere wollt.*

*a. Ass de Collège médical verflicht, fir all d'Plainten ze traitéieren oder huet en d'fräi Wiel, wéi eng Affairen en enquêtéieren an tranchéiere wëll, a wéi eng net?*

*b. Wéi eng Fäll kann de Collège médical refuséieren, fir ze tranchéieren?*

*c. Dierf de Collège médical ee Fall enquêtéieren an tranchéieren, dee virun enger anerer Geriichtsinstanz behandelt gëtt?*

Prinzipiell versicht de Collège médical ëmmer, all Plainten ze traitéieren. Mee am Kader vum principe d'opportunité, ass et dem Collège médical iwwerlooss fräi z'entscheeden eng Plainte ze traitéieren oder net.

Wann de Collège médical der Meenung ass, datt opgrond vun engem Feeler vun engem Dokter eng Expertise néideg ass, kann et virkommen datt de Collège médical no der Expertise d'Enquête net fortsetze kann oder op mannst net erausfannen kann ob et sech ëm e Feeler vu Säite vum Dokter handelt oder net.

De Collège médical huet net nëmmen d'Recht fir sech selwer ze saiséieren, mee och fir net fondéiert, anonym oder onrealistesch Reklamatiounen net weider ze suivéieren, dëst gëllt och fir déi déi net a säi Kompetenzberäich falen.

Prinzipiell respektéiert de Collège médical d'Souveränitéit vun der Justiz a wäert deemno eng Reklamatioun, déi eng lafend juristesch Affär betrëfft, nëmmen da behandelen, wann d'Ëmstänn et erfuerderen. An deem Fall ënnersicht de Collège médical nëmmen déi Aspekter vum Dossier déi ënnert seng Zoustännegkeet falen.

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez